

Bd. N° 94.



D'JANNY

oder

Wann d'Geldgier ze gro'ss

Kome'de'steck mat Gesank
an zwe'n Akten

vum

JOSY BANTZ

Musék vum Albert GLESENER

All Rechter virbehalen.



Letzeburg - 1924.

Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens.

D'Janny

oder

Wann d'Geldgier ze gro'ss

Kome'de'steck mat Gesank

an zwe'n Akten

vum

JOSY BANTZ

Musék vum Albert GLESENER.



— 1924 —

Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS

Letzeburg.



Perso'nen:

De Néckel, e Bauer.
D'Gre't, seng Fra.
De Pir, hire Jong.
D'Janny, dem Pir seng Fra.
De Juppes, Kuiécht beim Nékel.
 E Scho'lmeschter.

D'Stéck dre't sech zo' an engem Bauerenduerf am E'slék,
 de' Seit Ettelbréck. — Den e'schten Akt 'so' em den Owend,
 den zwêten, zwe'n Dég me' spe't am Muergen.

All Rechter virbehalen.

D'Stéck dârf nömmle mat schreftlecher Erlâbnes vum Verlag
 gespillt gin. D'Rollenôfschreiwen ass strëngstens verbueden.
 All Ufrôen sin ze richten un de Verlâg P. Worré-Mertens,
 Letzeburg.



I. Akt.

D'Bün stèllt eng Bauerestuff duer. An der Mett en Desch
 an e puer Still. Op der Seit vum Desch eng Bänk. Am
 Hannergrond un der Mauer eng almo'desch Wandauer.
 Rèchts fe'ert eng Dir an d'Kichen, lénks e Niéwenagang.

I. Optrett.

De Néckel an de Juppes.

Néckel: (setzt op engeni Stull um Desch gesteipt. Vun Zeit
 zu Zeit resselt en de Kapp. Iwerdém kent de Juppes eran.
 E geseit de Néckel, lächt hêmlech.)

Juppes: (zo'm Publikum:) Tjeft! — 't mèngt ê bal hei hätt
 schon erem en Donnerwieder ageschlön! — Seng Al wärt
 wuel erem këng gutt Nuecht gehat hun! —

Néckel: (kuckt op) Ah — du bass et, Juppes! — Wat hâs
 du elo gesot — ech hun dech net verstanen. —

Juppes: Oh! et dêt mir léd fir iech et ze soen; mä, fir dass
 dir et wesst, ech gi fort! Fir wat, dat wesst dir jo grad
 eso' gutt ass we' ech.

Néckel: Du wells fort? Bleif hei — (Juppes wénkt nén) bleif,
 sôn ech dir. Matt der Zeit wèrd de' Roserei sech schon
 erem lén, du muss onst Gre't kënnen! Mat mir ass et
 och eso', eso'guer nach schlemmer. De ganzen Dag werft
 et mir vir, ech ge'f dem Janny seng Parti halen. Kom
 men ech him emol net se'er genug aus dem Wé, da jeizt
 et — zo' dech — ale Grêf, du stês do, we' wann d'Hénger

dir d'Bro't geholl hätten; an honnertmol des Dag muss ech he'er'en: du Dabo, du Efalt, du Klatzkapp, an dërs nach e Sellegen. Ech wéss dacks owens net' me', wo' mir de Kapp stêt. Jo Juppes! Ech géng och le'wer menger Wé gôn, we' an dèr Héll elei bleiwen, gléf mir dés secher. Ower de' ganz Roserei ass nemme ge'nt d'Janny gericht. Onse Pir hätt bësser gedun, en hätt sech net mam Janny bestued, vill Misér wär ons erspuert bliwen. Ower de' ganz Sâch war en ofgemächte Spill vu menger Fra.

Juppes: 'T kann ên sech et schon dënken.

Néckel: Jo! Dir kann ech et frei son, du bass jo grad we' wanns de zo'm Haus géngs gehe'er'en. Trotzdém d'Janny eng gutt Parti war fir onse Pir, war et onsem Gre't dach dat jo ni sat get — net genog. An du muss wessen, d'Janny huet sei Géld nach zo'm Dêl dohém stônen. Do ass den Höcken, wo' onst Gre't krank ass. Ower, wo' et sélwer eso' drop gehalen huet fir dass onse Pir et soll bestueden, gêt et elo an emgâchelt en. nemme fir dém ârme Kand d'Liéwen ze verbatt'ren. Kuck, Juppes! dat wuermt mer, dat dreift mech an d'Roserei.

Juppes: Abé jo!

Néckel: Mä vir erem op ons Riéd zréckzekommen, ech lössen dech ower elo net gire fort goen, ech brauch dech nach, Juppes, mir musse sichen, him déni Zand ê vir allemol eraus ze rappen.

Juppes: (läch) Da géng ech hîr ower net wellen d'Zâng usëtzen, wèll 't könnnt ê nach enner Emstânn vir e puer Fangere mâchen.

Néckel: Natirlech musse mir mâchen dass et neischt dervu nûrk, soss könnte mir ongefe'er dé Kîrzeren ze'en.

Juppes: (be's) Kuckt! — Wann ech eso' eng Fra hätt, ech géng se haen, dass d'O'er en hîr nach âcht Dég derno génge wibbeln.

2. Optrett.

(*De' Viregt, d'Gre't, dann d'Janny.*)

Gre't: (kent eran mat engem gro'sse Komp mat Gromperen, de' nach hëllop dëmpen — be's) Ech soe jo! Wèll stin

d'Daboen erein hei matenêne ze plëttelen, an dobausse wullen d'Schwein de ganze Gart op. 'T ass jo fir aus der Haut ze fueren! (Et jummt de Plëttel mat de Gromperen op den Desch.)

Néckel: (fir sech) 'T ass nés opgedre't bis un d'ENN! (hârt) 'T wärt alt net eso' ureg sin, Gre'd! Mir hun alt gemëngt

Gre't: (rosen) Dir huet' neischt hei ze mëngen. Setz dech un den Desch, ale Klatzkapp! (of)

Juppes: Pauff! — Do war erem ên! — An de' do soll ze kure'ere sin. Ech, gléwen dat net.

Néckel: Ech soe sélwer, 't kascht nach Arbecht. (Se setzen sech un den Desch. D'Janny bringt e Kaffiskro' an Tâssen eran.) Ah Janny! — da kom — setz dech och un.

Janny: Nê, Papp, ech kann neischt iéssen.

Néckel: Jé komm! Dann drénk alt nemmen eng Tâss Kaffi mat. (D'Janny setzt sech un a kreischt. De Néckel geséit dât an helt dem Janny seng Hand.) Wat ass dir, Janny? Huet se nés iwer dech gejaut? (Et reselt de Kapp.) So net nén, ech wéss et jo!

Gre't: (bréngt e Komp mat weisse Ke's, an der Dir sét et) Wat wéss du, du Dabo. (kent bei den Desch) Du hues och nach récht fir eso' en dommt Stéck ze hémelen. Hei get gemâchlt we' ech soen, an net aneschter — verstës du dat? Dat géng nach félen, wann ên iech Efalten de Wèll géng lössen, — Maja!

Juppes: (fir sech) Ewèll kritt ê nés Appetit gemâch't!

Néckel: (zum Gre't) Dat hues de schon honnert an dausend mol gesot. (Schle't mat der Fauscht op den Desch) An ech mâche we' ech well! Ech hale wuel jo!

Gre't: Ah! — Dat welle mir ower emol gesin. (Setzt sech och un den Desch.)

Juppes: (zo'm Publikum) Dat do ka jo sche' gin! — Ech mëngen alt, wann ech mir e Grapp Gromperen géng huelen a géng dermat hannert d'Dir setzen, wèll ech gléwen, op émol rabbelt et hei.

Gre't: (zo'm Juppes) Wat totz du do? Ech mèngen, 't ass dir och nach net ganz gutt.

Juppes: Oh! — ech hun emol nogeziélt wivill Kilometer et nach sin bis des Seit Ettelbreck.

Gre't: (an ènger Roserei an d'Luecht) Hiiiii! — du — du Klatzkapp. (Et greift an de Komp mam weisse Ke's a jumt dem Juppes e Grapp voll an d'Gesicht. Alles op de Bén. D'Janny dét e Krêsch a léft zur Dir eraus. Iwer dém Duerchenaner gêt d'Dir op an de Scho'l'meschter trett an.)

3. Optrett.

De' Viregt óni d'Janny, de Scho'l'meschter.

Scho'l'meschter: (fir sech) Oh Sapristi! 'T mèngt ê jo bal hei wär ên zo' Ettelbreck am Narrenhaus! (hârt) Mä Néckel! wat ass da lass hei? (De Juppes reiwt sech de Ke's aus den Aen a gêt of.)

Gre't: (verbassen) Dat sin èrer Sâche keng! Dir hätt och 'wèll gutt können dobausse bleiwen.

Néckel: Mä Gre't!

Gre't: Mä Dabo!

Scho'l'meschter: Oh, pardon Madame, wann ech iech dérangleert hun. Ech wollt iech nemmen dat Schreiwas hei (en lielt e Bre'f aus der Täsch) erembréngen, dat, wat dir mir hautemuergen gin huet vir z'iwersètzen. Mä, ech kann iech sôn, Madame, dass dé ganzen Inhalt vun dém Bre'f drop hiweist, dass dir engem gro'sse Schwindler an d'Grepp gefall sit. (D'Gre't reisst him de Bre'f aus der Hand a léft zur Dir eraus. De Scho'l'meschter rifft hir no) An 't kann iech nach ewèll fir Haus an Haff goen!

Néckel: Wat fir e Be'f? Vu wiem?

Scho'l'meschter: Ech hun e net iwersat, Néckel, mä wann dir wellt hèrno bis bei mech kommen, da sôn ech iech wat dra stêt.

Néckel: Firwat dann net elo? Onst Gre't wärt dach net zo' gudderlèscht nach zo' sengen alen Dég topech gin, an èng Freierei am gâng hun?

Scho'l'meschter: (lâcht) Nên, neischt eso', Néckel.

Néckel: Me'glech wär et ower! 'T ass eso'guer jalo'ss iwer onse Pir.

Scho'l'meschter: Ech versti wuel, wat hei an èrem Haus virgêt. Et si schon allerhand Sâche mir zo' O're kom. Et dét mir se'er léd fir iech, Néckel! Mä, wann dir vleicht emol ê gudde Rot braucht, kömmt nemme bei mech, dir könnt op mech ziélen.

Néckel: Jo gewess! Ganz giren huelen ech e Rod vun iech un, (rêcht him d'Hand) dir sit e brave Mann, mä ech gléwen 't ass emesoss.

Scho'l'meschter: Nên, 't ass net emesoss, Néckel. Er Fra le'ert d'Janny nach he'chschätzen a vun Hierze gir hun, gléft mir dés'seher. Also bis hèrno! Arwuer!

Néckel: Arwuer! (se réchen sech d'Hänn. De Néckel gêt dem Scho'l'meschter no, allebe'd of.)

4. Optrett.

De Juppes, dann d'Gre't.

Juppes: (kent lenks eran. Wann en an der Mett vun der Bün ass, geseit en d'Gre't kommen.) Oh Jéminé! Elo kent d'alt d'Donnerwiéder schon erem eran. (krècht enner den Desch, strèckt de Kapp zo'm Publikum a sét:) Wat hat ech mech al versin hannert dèr aler Hlèx. Kreizdonnerkniddelchen! Wat de' mir d'Fassad bemokelt hat. Mä wart, vleicht kann ech èng derge'nt gin. (Wann d'Gre't ufänkt ze schwätzen, wutscht en huerteg mam Kapp enner den Desch zréck.)

Gre't: (strèckt dé verwurelte Kapp zur Metteldir erân; we' et ké Mensch geseit, trett et an) Sin de' zwe' Brachkäpp éndlech fort! Musst dén ale Schnaufjang vu Scho'l'meschter elo och nach grad era korthmen. Dé muss seng geteppelt Nues och an alles stiechen. 'T war och é Gleck! Wat hätt ech onsem alen Dabo de Bârt gekämmt. An de Juppes! hu, d'Aen hätt ech dém ausgekratzt.

Juppes: (ennerem Desch) Wat wär dat eng èlle Schluecht gin!

Gre't: (helt de Bre'f vu virausser aus der Täsch.) Mä, wat soll nemmen elei an dém Bre'f stoen? Wat dé Scho'l-meschter mech elo an d'Angscht gedriwen huet. 'T géng ons fir Haus an Haff huet e mir nach nogejaut. O Jeses! Wat soll et dach nemme sin? (bekuckt de Bre'f) De' Hèren hätten och alt gutt können dé Bre'f op deitsch schreiwen, ower dén Tuppi dén eso' èng Leit ewèll haut des Dag heiuewe setzen hun, dén ass e net ze verdreiwen. (bustave'ert erem.)

Juppes: (we' vir) Dann ass et dénen alt ewe' hier!

Gre't: (rosen) De' Hèren aus der Stàdt mènge secher 't hätt ên d'Wèlt berést ewe' si! Maja! D'Franse'scht kent ech grat eso gutt, wann ech zwê oder drei Jôr de' Seit Dosbuerg oder zo' Tre'er gewiescht wär. De' Daboen do!

Juppes: ... oder vleicht de' Seít der Veianerbreck.

Gre't: Löss mer emol nach èng Ke'er probe'eren, vleicht verstin ech dach e puer Brocken draus. Nén! 't ass ower fir ze baschten! Aha! elo verstin ech dach emol èppes. Jo jo! Dat ass vun dèr Gesèllschaft de' deslèscbt nei gegrennt ass gin, a wo' ech onst Gèld op Zense gesat hun. Oh de' fein Hèren! Kuck, se dènken ower nach u mech. Si hu mir sèchs an en halwe Prozènt versprach. Oh, de' gutt Hèren! (no ènger klènger Paus.) Mä, mä, wat hat de Scho'l'meschter da ... dann t'e'nescht gesot? Oh, der Jommer net nach! 'T wärt dach net zo'gudderlèscbt nach èng Schwindelgesèllschaft sin, an an all onst Gèld, all ons Sue wäre verluer? Oh Jesesemarantjo'sebètt, wat mâchen ech nemmen? (lëft we' besiès ronderem. De Juppes strèckt heiando de Kapp eraus a lâcht.) Jo jo, an 't ass och eso' ooooooh! Ons le'f, le'f vill Suen, ons sche' Stécker, ons Ke' ons Gissercher (et hault den Himmel op.) Néckel! — Néckel, wo' bass de! Néckelchen! oooh! ('t geseit den Néckel duerech d'Fenster, 't reiss s'op a riff:) Néckel, — Néckelchen! (be's) Nu kuckt emol elo dé Mensch, elo mecht e grad we' wann e mech net géng he'eren. ('t jeitzt ganz hârt) Néckel! — — du Klatzkapp. ('T schlèt d'Fenster zo' a rènnzt zur Dir eraus.)

Juppes: (kent erinerem Desch eraus gekroch.) Hé hé hé hé!
'T ass jo fir sech ze rullen, bei all hirem Misèr. — Hé

hé hé! Wat dé Bre'f s'an d'Angscht gedriwen huet. Der Deiwl nach emol! Elo ass dèr net gutt an d'Grepp lafen. Dén ârmen Néckel nés èng Ke'er! — Kuckt — wann ech eso' eng Fra hätt — nén — löss ech mir le'wer keng: eso' wenschen, mä gléft dir mir dés secher (speizt an d'Hänn), ech géng hier schon den Dubbel ersiélen an d'Meschterschaft erauskappen. Elo wèrd d'âremt Januy wuel guer keng ro'eg Stonn me' hei am Haus hun. 'T ass alt gutt, dass ên aneren sech neischt soe le'sst. Maja! Dat géng och nach félen. Wann d'Janny an de Néckel net wär, dann hätt ech scho läng mei Päckelche gemâcht a wär menger Wé gângen, wèll mam Gre't, mat dèr Gèldschlâng, ass et èng Zeitläng guer net me' ausszehalen. Si ass op de Su we' der Deiwl op èng ârme Se'l. Gèld, nemmen d'Gèld ass hiren Himmel. (E séngt:)

1.

De Reichtom mecht net emmer fro'
Dir könnit mir 's frei a secher gléwen,
Wèll Dag a Nuecht huet ê keng Ro
En einmer an der Siurg muss liéwen.
Dofir hun ech et bësser, sin net geplot,
Sin net geheit an net gejot.

2.

Munech domm Leit, de' hu gesat
Hirt d'Gèld op d'Burs an op d'Krigsanleih.
Si hu gespiltt an hu gewat
Bis ên Dag — dé sche'nen Drâm verbei.
Dofir hun ech et bësser, ech wëss scho Rot
Mei Gèld hat mech nach ni geplot.

3.

Mun'cher Dabo dènkt Dag fir Dag
Wien hien als Jerwen soll asètzen
A get hèrno nach ausgelâcht
Wann d'Ierwen de Schamp's den Hals ofstretzen.
Dèr Siurg sin ech enthuewen, ech hu gesot
Mat Gèld ass nemmen ê geplot.

Jo! An eso' ass et och. Wé vill Gèld huet, ass och vill geplot, a wien we' ech, Gèld huet wann en dés brauch, dén ass nach ewèll am bëschten drun. An — ech wèrd och dofir suergen, dass kënt dervun iwreg bleift.

5. Optrett.

De Néckel an de Juppes.

Néckel: (kent eragestirmt, greift sech un d'Hor a lëft mat lânge Schrett op an of.) Do hu mer et jo do hu mer et jo — oh Misèr — oh Misèèèèr ...

Juppes: A wat ass da lass, Néckel?

Néckel: (he'ert net) Do hu mer et jo. (Le'sst sech op e Stull falen.)

Juppes: Wat hu mer dann.... (de Néckel re'ert sech net) Elo ass déni och nach iwergeschnappt! Oh Misèr! Oh Misèr. (Iwerdén spréngt de Néckel erem op, a lafen nun allebéd op an of we' verreckt, andém dass se jeizen: Oh Misèr, oh Misèr, a lafe sche'sslech mat de Käpp widderenâner a falen ên heihin, déni aneren dohin um Buedem. Se bekucken sech gro'ss, da lâcht de Juppes a sét:) Do! wèll hu mer et, Néckel!

Néckel: (iwerdém dass s'opstin) Wat dann?

Juppes: Ma e gro'sst Hâr op der Stir. (E reift sech d'Stir a lâcht.)

Néckel: We' lëfst du dann we' e Verréckten doremmer.

Juppes: 'T ass ower emol gelungen. Elo sin ech och nach verréckt. Hé hé hé!

Néckel: 'T ass mir net fir ze lâchen. Kuck, Juppes! De' puer Groschen, de' mir ons an déne lânge Joren zesumme gerackert hun, all de' Suen de' mir ons sollte spueren fir den alen Dag, all, alleguer si se fort, verluer.

Juppes: 'T ass net me'glech?

Néckel: Dach! Ech sin et vum Scho'lmeschter gewuer gin. Déni huet jo de Bre'f géliés.

Juppes: Ah! Da war dat dé Bre'f, déni hien d'e'nescht erem bruech't huet, an déni èrer Fra eso' e gro'sse Schrèck agejot hat.

Néckel: Wëss s'et da schon?

Juppes: Ech mèngen, oder villme', si huet et geroden.

Néckel: (le'sst de Kapp hänken) So' muss et èngem ergôn, wann ên der Fra d'Mëschterschaft iwerle'sst. — Ech Dabo! — Wofir hun ech nogelösst. Ech wollt net hun dass mir ons puer Su an de' honsfriém Gesëllschaft sollte gin, wat jo weider neischt war we' èng Schwindelgesellschaft. Ech hun et jo emmer gesot, an 't musst jo och eso' kommen. Ower elo ass et ze spe't, wèll se sin d'Peifegåss an. Oh de' Fraleit, de' gescheit Käpp de' se wellen hun. Aus der Haut könnnt ê fueren.

Juppes: Mä, soll et da wîrklich wo'er sin? Ech hun alt gemèngt, 't wär dem Scho'lmeschter senger Farçen erem èng.

Néckel: Nén! nén! Dat gléwen ech net. En huet mir dat án eso' èngem bestimmten To'n gesot, dass et bal net aneschter ka sin. Wofir hätt hien dat da gemâcht? Fir onst Gre't nach mo' he'ch op de Bâm ze dreiven? Nén! 'T ass we' et ass, a mir sin onse Sue lass.

Juppes: (huet sech beduecht) Tjeft! Soll da neischt me' do ze mache sin? Hm! Jo, eso' gêt et! Wann dir wellt, da könnnt dir mir elo 'mol frei gin, an da fueren ech an d'Stadt, fir ze kucken op mer neischt do könne mâchen, fir d'Gèld erem ze kre'en.

Néckel: Mëngs de 't wär nach èppes z'erréchen?

Juppes: 'T ka jo emol sin. Ech hun e Mononk an der Stâdt, déni ass do op der Bun, an dé war och èng Zeitlång dohém am Conseil. Wann ech dann emol bis bei dé géng goen, dé kënnnt de' Hèren all aus der Stâdt, da könnte mir vleicht èppes erréchen.

Néckel: Ech hätt jo neischt durge'nt, an du könns och nach ewèll zwe'in Dég fortbleiwen, wa mir nemmen onst Gèld erem kre'en. Mä ech gléwen, de' Dommhêt vun onsem Gre't ass net me' gutt ze mâchen.

Juppes: Lösst d'Sâch emol kommen we' se kent. Ech sin dem Dabo och net aus der Hatt gesprong, an ech gin dirèkt op de richtige Buer, verlösst iech drop.

6. Optrett.

D'e Viregt an d'Gre't.

(Spektakel a Gejeiz hannert der Bün. 'T he'ert ên d'Gre't mam Janny streiden.)

Néckel: A wat bedeit dann dat elo erem?

Juppes: Emmerhin neischt guddes! Ech mèngen, wann ech mir alt e Lach géng sichen. (of)

Gre't: (kent rèchts era gestîrmt an dréchent sech de Schwêss of.) Néckel! — oh Néckel — ons — ons Ko' — ass — ass futti!

Néckel: (fänkt ongene'ert seng Peif un.) Oho!

Gre't: Ma he'rts du dann net! S'ass futti. Komm hurteg, 't ass hier vleicht nach ze hellefen.

Néckel: (fir sech) Dann ass de' och alt gutt zo'm Deiwl!

Gre't: Wat sés du? Ech mènge mir hun d'Kränkt am Stâl! Oh, wat mâche mir nemmen?

Néckel: (gét op d'Dir lass, hârt) An ech mèngen, wann onst Gèld fort ass, da kann der Deiwl d'Ko' och nach huelen, mä mach nemmen, dass du d'Kränkt net kriss. (se'er of.)

Gre't: (rifft em no) Ma du Efalt do, du Klatzkapp déns du ê bass! Oh! wat ass ê geheit mat eso' domm Mansleit, baschte könnnt ê vun Eifer. (of.)

7. Optrett.

D'Janny elèng.

Janny: (kent zur Niéwendir lenks eran, an et huet ganz verkraschen Aen.) Oh Gott! Schon zwo' Stonnen iwer d'Zeit, an de Pir ass nach emmer net vu senger Arbecht erem. Oh! ass dat e Liéwen! Ass da kê Mensch me' op der Wêlt dém ech mei Lêd ka kloen? Nên! kên Dag me, well ech hei an desem Haus bleiwen, wo' d'Liéwe fir mech èng Qual ass a wo' ech muss stiérwe vu lauter Hîrzelaed. (kne't um Buedem) Oh Gott am Himmel, hiéf dach du Matlêd mat mir, ech biéden dech aus de'fstem Hîrz, schenk mir de' Krâft, de' mir helleft me' Lêd er-

droen! (bleift um Buedem setzen, steipt de Kapp an d'Hänn a kreisch. Iwerdém kent de Pir eran.)

8. Optrett.

D'Janny an de Pir.

Pir: (ass zimlech bedronk. E geseit d'Janny um Buedem setzen, an tuerkelt bis virun him.) Janny!

Janny: (spréngt op) Oh Pir! ('t wellt sech dem Pir un den Hals werfen.)

Pir: (hält et zréck, be's) Wat bedeit dann dat, — We'! — Ech halen 't gêt dir net me' hei an onsem Haus, (werft den Hut a Mantel op e Stull) du kanns jo erem goen wo's du hir bass kom. (lâcht verächtlich.)

Janny: Oli Pir! Ass dat de' trei. Le'ft, de's du mir um Altor geschwueren? Wo' ass deng drei Suerg, de's du fir deng Fra iwreg solls hun? Oh! ech biéden dech, Pir! Wanns du nach e we'neg Le'ft fir mech iwreg hues, komm, lösse mir onsen égene Stot mâchen, ech hu meng Sâchen, mir hu jo alles wat mir brauchen, nemme komm, folleg mir dach!

Pir: (strèng) Schlo dir de' Sâch aus dem Kapp! Heihém bei menger Mamm hun ech et nach vill ze gutt. Nên! dorausser get neischt.

Janny: Wann dat dei lèscht Wuert ass, da bleif, bleif bei denger Mam'm, de' dir le'wer ass we' deng Fra, da well ech dengem Well folgen, a goe wo' ech hir si kommen. (Am Eifer) Da könn dir soen, dass dir errécht wat dir gewollt huet, da könne mir soen, dass d'Gèldgir vun denger Mam'm onst Gléck zerste'ert huet... (De Pir gêt mat erhuewener Fauscht op d'Janny duer.)

Pir: Net weider — oder —

Janny: (fèst) ... Jo! — schlo mech do't, wèll d'Gèldgir erhëschit och nach Blutt! (De Pir le'sst sech op e Stull falen a stiert viru sech) Jo, Pir! deng Mamm elèng dre't d'Schold un all onsem Lêd, du hues dech emgâchele gelösst, si huet dech blann gemâcht. A muss ech och haut

fort vun dir goen, mein Hîrz hält net op fir dech ze schloen, an den Himmel biéden ech, dass en dir soll verzeihen. (Et séngt):

Muss ech dann haut' vun dir hei goen
Aus desem Haus wo' ech gehoist
All Lêd a Suerg mat dir ze droen
Wo' ech vu Gléck gedrémt 'so' oft.
(De Pir wescht sech Tre'nen.)

Mä meng Hoffnung ass verluer,
Mei Gléck am Liéwen aus.
Vun dir hun ech 'lo erfuer
Dass alles ass nun aus.
Oh Pir, dat dét mech! de'f kränken.
Du wêss net wat ech aus muss stôen.
Wanns du, deng Le'st mir géungs schénken,
Mat Fréd ech weilt duerch d'Liéwe gôn.

Pir: (stét op a séngt):

Janny, ech drô këng Schold,
Ech hun et jo net eso' gewollt.
Be's Riéden hu gewot
Gro'sst Léd ze bréngen an onsem Stot.
Mä d'Léd ass nu verbei
Oh Janny! -- mir verzei!

Zesummen:

Gire well ech mei Léd vergiéssen
An 'rem fro' a glécklech sin.
Jo, an deng A'n, do kann ech liésen
Dass m'r ons 'rem gutt verstin. (Si emârme sech.)

9. Optrett.

De' Viregt an d'Gre't.

Gre't: (kent zur Mettendir eran a geseit de' zwê, de' sech fêst emârmt hun, et schle't d'Hänn iwer'm Kapp zusummen.) Ääääh — Jëssessemarantjo'sebett!! — (vu Schrëck fällt et hannerécks op de Buedem.)

Enn vum e'sch'ten Akt.



II. Akt.

De'sélwecht Stuff a Miwelen we' am e'sch'ten Akt.

1. Optrett.

De Néckel elèng.

Néckel: (huet de Kapp an d'Hänn gesteipt.) Jo! jo! Néckel!
Ewèll setzt de hei — an elèng mat dém Kno'terkapp
dobaussen. Elo ass d'Môss vun onsem Ongléck voll.
De Juppes le'sst guer neischt vun sech he'eren, gescht
d'Janny fortgejot, haut léft onse Pir ons och nach fort.
Wo' soll dât liigoen? Ech wêss et net. (Stét op.) Dass
é bal net mie' eso' ke'ng, vir e Fo'ss baussent d'Dir ze
sétzen. Iwerall weisen d'Leit scho mat de Fangeren
op én. Geschtnomettég eso'guer, we' onst Gre't bis erop
an Duerf ass gângen, bege'nt et jo èng Band Scho'lbo'wen,
de' him nogeruff hun, dass d'ganz Duerf et
konnt he'eren: Do gêt de' al Hëx, de' d'Janny virun
Dir geheit huet! Aner de' hu gebreilt: Kuckt de' al
Gèldschilâng, grimmelt se net un der Menz! Flepps
hire Mischi huet eso'guer èng Pèrtskniddel no him
geworff. An zur Schân fir onst ganzt Haus, rënnt et de
Bo'wen ronderem Duerf no. (Léft opgerégt op an of.)
O Gott! wât én Elend, wât èng Schân! (Rôsen.) An
dat he'ert op, an dat muss ophalen, haut nach, oder et
bleift ké Stéck me' ganz um ganzen Haus. Dass dërs nu
grât genug. (Speitzt an d'Hänn.) Hätt ech neminen
e'schter dé Courage gehât we' hauft — mè — 't ass
nach net ze spe't, ech wërt him emol weissen, wo' de
Bock den Dèckel huet. Hauft sollt de Juppes ower ganz
sécher erem kommen aus der Städt, ower nach ké
Stiewewiertchen huet e vun sech he'ere gelosst. Nujé!
Losse mer emol dât bëscht hoffen. Mè, wann et ower de

Fall ass, dass en d'Gèld mat erem bréngt, dann (wèrft sech an d'Broscht) iwerhuelen ech emol de Kommando vun de Finanzen. (E séngt:)

Sit dir geplot, geheit, gejot
An èrem Ehestot.
We' ech -- ojé — èng rose Fra.
Da biéd ein e'weg Gnod.
An huet och vun der Menz èr Fra
De Schlessel an der Täsch;
Mâcht net we' ech a schlot fèst drân,
Soss setzt dir de'f am Pèch.
De Néckel hei dé wiert sech nach,
Dén ass nach net verkraft.
Ech hu Courag, dir wèrd gesin
Ech kre'en d'Meschterschaft.
An hun ech de', da sin ech och
crem — à la bonheur! —
Finanzminister — à la caisse
An och de Commandör.

2. Optrett.

De Néckel an de Juppes.

Juppes: (ass bei de lèschte Vèrsen erakom a schmunzelt. Wann den Néckel ophält mat Sangen, klappt enj an d'Hänn.) Bravo, Néckel! bravo!

Néckel: Hei! hei de Juppes!

Juppes: Mä sot ernol! Wat fir èng Plätz kre'en ech dann, wan dir emol Commandööör sit? Dir hat elo eso' sche'n dovu gesongen.

Néckel: (lächlt) Du kriss meng, wanns du wells.

Juppes: Nén, merci! De' dir bis elo hat, op de' verzichten ech. Da bleiwen ech nach le'wer en ârme kléngé Kniécht, ass we' e gro'ssen Hèr, dén neischt dohém ze soen huet. (lächlt.)

Néckel: Oho! — ower net me' lâng! — Mä — da so mir emol, we' et an der Stâdt gângen ass, a was du do erêcht hues.

Juppes: Da lauschtert! We' der jo wesst, hun ech an der Stâdt e Mononk op der Bun

Néckel: Maja! maja!

Juppes: ... an dé wor och emol am Conseil ...

Néckel: Maja! maja! An du!

Juppes: ... abé — ech gong du dirèkt bei him

Néckel: (onwelleg) An dû! — Hues de d'Gèld mat erem bruecht?

Juppes: Ma nén! Du sin ech jo 're'scht gângen.

Néckel: Ech mèngen, obs du d'Gèld elo bei dir hues? We's du derzo' komi bass, dat sés du mir hèrno.

Juppes: Ah — so! Dat hätt dir mir sollen e'schter soen. (greift an d'Täsch) Abé, hei ass d'Gèld, an d'Zensen dermat.

Néckel: (an ènger Fréd) Ass et me'glech! Hues du dat fèrdeg bruecht? Nén, wat bass d'ower e feine Kierel! en Deiwelskierel bass du! Dorop get ower èng gutt geholl, gléf mir es secher. (gêt bei den Desch.) Da lôsse mer et emol huerteg ziélen an dann hopp a fort dermat, wèll wann onst Gre't et nach émol ennert d'Kralle kritt, da kent et ganz secher net me' un d'Daglicht. Och ge'f et de ganzen Dag drop hocken, we' èng Kluck op hiren Hinkelen, an da wär net me' gutt ê Su aus him eraus ze quetschen.

Juppes: Dat gléwen ech iech. (gêt lenks of).

Néckel: (zielt d'Gèld, en huet de Juppes net gesin ofgoen.) So emol Juppes! — Hei — ass e fort? (e rifft) Juppes! wo' bass du,

Juppes: (vu baussen) Hei sin ech — ên Abléck!

Néckel: (huet Gèld gehol a gêt lenks of, de Rèscht Gèld huet en um Desch leie gelösst.) E soll ower och e gutt Drénkgèld vu mir hun. (of)

3. Optrett.

D'Gre't.

Gre't: (kent rèchts eran, 't he'ert de Néckel an de Juppes, de' hârt matenèn diskute'eren.) A wat fir e Gedëssems

hun de' zwe'n dan erem dobannen matenêr ze fe'er'en?
(geseit Gèld um Desch) A wat ass dat elo? — Gèld!—
Eiiiiii — hi hi hi — jo dat elo ass et (bliédert dran) elo
soll awer och kén et me' kre'en, elo ass et meint erem.

4. Optrett.

D'Gre't an de Néckel.

Néckel: (d'Gre't ass verte'ft um Gèldzielen. De Néckel kent lenks eran a sét fir sech:) Ohooo! Hei ass d'Kâtz schon um Spèck.

Gre't: (ziélt) En, zwê, drei, ve'er, fennefönnert, dat ass fir èng fresch Ko' ze kafen, 't ass ons jo och èng futti gângen. An heivunner kafen ech mir e neie Kasewèck an en enneschite Rack (zo'm Publikum) an èng gréng seide Blus kafen ech mir och nach'wèll, baschite sollen d'Noeren vu Neid.

Néckel: Maja, Gre't! do hues de ganz rècht. A wat kre'en ech dann?

Gre't: iwer'm zielen) Dabo! — —

Néckel: (zo'm Publikum) Dat wär also so' vill we' neischt. (hârt) So emol Gre't! Ech mèngen, wanns du mir dat Gèld do emol ze versuerge gefs — wèll

Gre'i: (dre't sech erem zo'm Néckel, rosen) Wat! Hei ass sech neischt ze mèngen! Dat Gèld hei dat gêt elo net me' aus mengen Hänn, an de Schlessel och net me', verlöss dech drop.

Néckel: Ah — so'! An ech dann? Hun ech dann neischt driwer ze soen? Du muss gutt bedënken, dass de Mann d'Oberhaupt vum Haus ass, a we' dé sét, et och eso' gemacht muss gin. An dass d'et wêss, ech géng och emol giere Sondes e Patt huele gôn, we' de' aner Leit (hârt) ech sin dés elei sat, verstès de dat (me' hârt), an ech well och emol erem èppes heibannen ze soen hun — verstès de dat...

Gre't: Du brauchs net eso' hârt ze jeizen, ech he'ere nach...

Néckel: ... Da lóss deng Fangeren do ewèg vun dém Gèld, dat gehe'ert mir. A vun haut un sin ech erem de Mësch-

ter hei am Haus, verstès de dat? An nun — (greift nom Gèld) hir dat Gèld!

Gre't: Nén! du kriss et net (de Néckel wellt him et ofhuelen, d'Gre't hält et fèst.)

5. Optrett.

De' Vireg an de Juppes.

Juppes: (kent iwerdém dass de' zwê sech zerklappen, als Vagabond verklêt, eran. An der Hand hält en e gro'sse Rewolwer, dén en op s'ulet a rifft:) Gèld eraus, oder ech sche'ssen!

Gre't: (erfe'ert) De'f! Mîrder! Hellef, Hellef!

Néckel: (fèst) Wat well dir?

Juppes: Gèld well ech. (spant de Revolwer) Alléhopp, ént, zwê ...

Gre't: Jëssessemarantjo'sebètt — dé sche'sst — Hellef! Hellef! ('t le'sst d'Gèld falen a lëft zur Dir eraus.)

Néckel: (huet d'Hänn an d'Luecht geworft) Huelt alles wat hei ass, neimme stiécht dat fréschlecht Dengen do ewèg. Ech ...

Juppes: Ha ha ha ha!

Néckel: (bekuckt dén anere gro'ss) A wat hëscht dat elo?

Juppes: Kënnst der mech dann net, Néckel. (E reisst dé falsche Bart erof a lâcht erem.)

Néckel: (le'sst d'Hänn lues erof) Juppes! du — du Kreiz-nonditjèssendeiwei!

Juppes: Gèl dir! dat hat dir iech net erwârt,

Néckel: Ech verstin dech net.

Juppes: Ech wëtteen ower elo mat iech, mat wat datt dir wellt, dass d'Loscht èrer Fra nu bal vergâng ass, fir nach émol hir Fangeren nom Gèld auszestrècken. An — dir musst elo sichen d'Mëschterschaft driwer ze behalen.

Néckel: Aha! Elo verstin ech. Wann onst Gre't wesst, dass du dohannert géngs stiéchen, ganz secher géng et dir d'Aen auskrâtzen.

Juppes: Hiëft këng Bâng dofir. Wessst dir, dé Schrèck dén

hir an d'Bè gefuer ass, dé musst dir iech elo zo'm Notze

mächen, wèll, wé wëss we'ni dass de' Geléénhët sech erem

fent, fir eso' licht d'Mëschterschaft iwer d'Gëld erem ze

kre'en. (of)

Néckel: (elèng, a nach ganz paff) 'T soll èn ower són', 't wär

net Menscheme'glech! Dat hätt ech ni a nemmer hanner'm

Juppes erausfont, an net gemèngt dass, en nach eso' vill

Wetz an der Schirbel hätt. Ech ge'f elo nach'wèll en

decke Su drem, wann ech onsem Gre't sei Gesicht könn

gesin. Elo bekäppen ech de' ganz Säch ere'scht! ha ha

ha. 'T ass zevill gelungen! ('t klappt un der Dir.) Herein!

6. Optrett.

De Néckel an de Scho'lmëschter.

Scho'lmëschter: (streckt de Kapp zur Dir eran.) Ah, dir sit

et Néckel! Dierit ech vleicht èn Amënt bis era kommen?

(kent lues eran.)

Néckel: Wat èng Fro. Wofir dann net?

Scho'lmëschter: (lues) Dir müsst wissen, ech hun zenter e
puer Dég e grösse Respëkt virun èrem Haus, willme'
virun èrem Gre't krit, an ech wollt nach net fir vill, dass
ech meng al Schanken dobausen virun èrer Dir géng
zesumme rafen. Mä, wofir dass ech égentlech era si kom,
ech wollt iech nämlich froen, op ère Pir nach emmer
welles huet fort ze goen? 'T ass nämlich wént senge Po-
beieren, wuel verstanen!

Néckel: Ah so! Mä, ech hun en zenter geschter owend net
mè' ze gesi kritt, an e sot mir och richteraus, dass hien
haut de Muergen fort géng. Wo'hin dass e gët, dat sét e
kengem.

Scho'lmëschter: Dat muss ech ower grat wissen!

Néckel: Wann dir wellt èn Amënt warden, ech ruffen en, an
da könnst dir jo 'mol sëwer mat him schwätzen.

Scho'lmëschter: Maja! Dat wär dat richtegst.

Néckel: (wellt ofgoen, bleift stón a lauschtet.) Lauschtet!

Dat ass onse Pir. ('T heërt èn de Pir ganz we'miteg
sangen.)

7. Optrett.

De' Viregt an de Pir.

Pir (séngt hanner der Bün):

Muss ech dann haut vun dir hei' goen
Aus des'em Haus, wo' ech gehofft

All I.êd a Suerg mat dir ze droen

Wo' ech vu Gleck gedrémt so' oft!

(De Néckel an de Scho'lmëschter hu sech an den Hanner-

grond gedréckt. Bei de lëschte Vërsen kent de Pir lues

op d'Bün erfir', an der Hand huet en e Réskoffer, an

iwerni Arem e Rémantel geworft, e schwätz lues.) Jo!

Dat war d'Lidd, dat mein onglecklech Janny a sengem

de'fiste Schmûrz gesongen huet, dat mir 'so' we' am Hirz

gedun, an dat mech gedun huet emke'een, vun dém Wé,

dén ech duerch falsch Riede gänge sin. Nén, we' härt

war ech dach grént d'Janny! Haut begreifen ech ere'scht

sein de'we Schmûrz, jo haut, wo' ech sèlwer vun hei fort

muss goen, haut spiren ech, dass et èngem um Hirz we'

dét, fir vun hèm fortzegoen, an dass et net eso' licht ass,

èppes ze verlossen, wat èngem lef an deier war, a wo'runc

d'Hirz mat voller Lefft gehängen huet. Jo, haut gesin

ech sèlwer an, dass d'Schold un all onsem Lêd elèng

meng Mamm trëfft an dass mir och kë Gleck me' hei z'er-

warden hun. An dofir entsón ech menger Hemecht, ech

ruffen allem zo' — arwuer! — arwuer du mei lefft Eltern-

haus -- arwuer! (E wellt fort a geseit de' aner.) Papp!

Néckel: (kent erwir) Pir! ge' net fort, lôss vergièsse wat ge-

schitt ass an net me' z'änneren ass. (fest) Ech són dir,

vun haut un get et aneschter hei, gléf mir es secher. An

d'Janny darf och erenkommen...

Scho'lmëschter: ... Jo! jo Pir, dat ass wo'er, an ech sin dir
och e gudde Birg derfir!

Pir: (traueg) Papp! A meng Mamm?
Scho'lmëschter: (zur Seit) Hätt de Néckel de' gutt am Vulle-
kuert setzen!

Néckel: Oh, deng Mamm! Wars du da scho bei hir ge-
wiescht?

Pir: Nén! Ech well s'iwerhapt net me' gesin! Iech wollt ech nach arwuer soen.

Néckel: Pir! mâch dat net! Dat bësch ass, du gës elo bis era bei deng Mamm, an du sés, du wells hier nach arwuer soen. De Rësch musse mer dann emol ofwarden.

Pir: Abé Papp, ech dun iech dé Well, mä ech gléwe ganz, 't ass alles emsoss. (of)

Scho'lmeschter: Mä do hât dir emol èng gutt Idi, Néckel!

Néckel: An nach ewèll èng bësser hun ech. Wann dir wellt, da könnnt dir emol eriwer bis bei d'Janny goen, a bréngt et mat bis heihinner, an dann — lösse mir Donnerwiéderen emol erem ge'nt enaner fueren.

Scho'lmeschler: Maja! Maja, dat wär èng Idi! (of)

Néckel: (elèng) 'T get nach émol probe'ert! Déngt et èppes, dann ass et jo gutt, déngt et neischt, da kann et net schlemmer gin ewe' et ewèl ass an da kann alles gôn we' et wellt. (E setzt sech a steipt de Kapp an d'Hänn.)

8. Optrett.

De Néckel an de Juppes.

Juppes: (kent eran mat èngem Kuerf Rommelen, e geseit de Néckel) Emmer nach de' al Leier! (hârt) Ass iech nach emmer net gehollef, Néckel?

Néckel: (richt sech op) Du le'wer Himmel! Wat déngt mir d'Gëld, wann dénn anere Rësch tennescht an tiéwesch gët. Alles ge'f ech drem, wa mir de Fridd erem an onsem Haus hätten.

Juppes: Vir en èttelech Joer hätten ech och bal de' Dommhët gemäch, fir mech ze bestuoden, mä, wat hat ech démols èng gutt Nues gehât, haut se'tz ech vleicht nach me' de' am Pèch dran ewe' dir.

Néckel: Mei le'we Juppes! Dann hätts du et alt misse mâchen ewe' ech. Heiantdo mat der Fauscht op den Desch gejumt dass et krâcht, ower nemmen èng Ke'er, de' zwët Ke'er kent schon èppes dir an de Réck geflun.

Juppes: Oho! A wann et dann emol emgeke'ert wär?

Néckel: Probe'er et emol. âcht Dég mat onsem Gre't, ech wëtten dan hues du d'Nues voll.

Juppes: (schiuddert sech) Nén, nén! 'T grujelt mech nach haut, wann ech drun dënken, we' se mir virgeschter Owend dé Grapp Ke's an d'Ae geworf huet. Do hun ech schon eso' e beschen Respëkt virun èrer Fra kritt — —

Néckel: Lauschter emol, Juppes! He'ers du dat Gewe'mers net dobaussen?

Juppes: (lauschtfert) Maja! wat ass dat?

Néckel: We's du jo wëss, wellt onse Pir fort goen. En ass senger Manim nach Arwuer soen. Ganz secher le'sst si hien net fortgoen.

Juppes: Dofir wärt se secher dann och eso' so'eren!

Néckel: (ass bei d'Dir lauschte gângen.) Ganz secher! Eso' ass et och.

Juppes: (kent bei de Kuerf a fänkt un d'Rommelen ze schneiden -- fir sech) De' Vorstëllong ge'f ech dann emol giere gesin!

9. Optrett.

De' Viregt, de Pir an d'Gre't.

Pir: (nach dobaussen) Ech hun iech nu meint gesôt, an 't bleift dobei... (E kent erân.)

Gre't: (kent hannerum Pir a botzt emmerfort mam Schier-tech Tre'nен of. Iwerdém dass et era kent.) Pierchen — oooh --- bleif dach hei.

Juppes: (fir sech) Elo hëschte et nés èngke'er Plätz gmächt! (E réckelt sech mam Kuerf bis vir op der Seit vun der Bün. De Néckel huet sech hanner den Desch op e Stull gesät.)

Gre't: Gèl du, Pireli, du bleifs hei?

Pir: Nén! — Wât ech gesot hun, dobei bleift et.

Gre't: Oh Gott! Néckel! onse Pir wellt fortgöen!

Néckel: (ze't d'Schelleren.) Ech hun him këng Virschreften ze mâchen jiewer dât, wât hie mécht a wo' hie gët. (Fir séch,) Iewerhâpt, wär's d'och alt wo' de Pëffer wiest!

10. Optrett.

De' Viregt, de Scho'l'meschter, dann d'Janny.

Scho'l'meschter: (kent zur Hâptdir erân) Ah! bonjour Alle-guer! Tiens! Hei fannen ech dech jo grat dohêm, Pir. Ech hât scho gemèngt, dech net me' hei unzetreffen!

Pir: Dat hätt alt gutt kenne me'glech gewiescht sin ...

Scho'l'meschter: Jé jé, Pir! Du wärs dach net? ...

Gre't: (zo'm Scho'l'meschter) Oh, sot dir him, dass e soll heihém bleiwen, (kreischt) dat wär jo mein Do't.

Scho'l'meschter: Jaaaa! meng le'f Madämchen, do kann ech neischt mâchen.

Gre't: (schle't d'Hänn zesummen) Du le'wer Himmel! Dir sot, dir könnnt neischt doanner mâchen, (be's) an dén Dabo do (weist op de Néckel) dé wellt neischt mâchen, wèll en ze tockeg ass. (am kreisch) 'T ass jo vir aus der Haut ze fueren.

Juppes: (fir sech) Da ke'm se ganz secher emol an èng aner Haut stiéchen.

Scho'l'meschter: Abé, Madam! Dir wellt hun, dass ech iech soll hellefen an iech e Rot gin. Ower! Dir musst mir ver-spriéchen, dé Rot unzehuelen an och auszefe'eren. Well dir dat mâchen?

Gre't: (no ènger klènger Paus) Ech wèss schon wurop ass dir et stoen huet -- ower, ower, sot mir, wat soll ech mâchen?

Néckel: (schmunzelt) D'Sâch schlosselt sech!

Juppes: (iwerdém dass en un ènger Rommel garreit) Sie hat sich ergeben... (lâcht)

Scho'l'meschter: Kuckt! Mir sin net op der Wèlt fir ons ge'genseiteg d'Liéwen ze verbatt'ren. Nén! Dat ass èng schlècht Leidenschaft vun de Menschen. Eng, de' liéwen am Iwerfloss an hirem Gèld, a sin dach net glécklech der-bei. A wofir sin de' aner glécklech, de' hir Suen durch rauh Arbecht a batt're Schwêss musse verdéngen? Dat ass d'Zefriddenhêt mat dém wat se hun, dat ass d'Enegkêt an

hirem Stot, wat hinnen d'Liéwe lîcht a fro mecht. Dat elèng bréngt Gléck a Fréd an d'Haus! Befollegt dat, da wärt dir gesin dass d'Gléck erem an èrt Haus anze't, an da könn dir èr al Dég a Fréd an Zefriddenhêt zesummen mat ère Kanner verliéwen. Allzeit hun ech èrt Haus he'ch gehalen, an et déng mir se'er léd, ge'f dir mei Rot z'réck-weisen. Bedènk gutt, dat, wat ech iech elo gesot hun. Ech widdérhuelen et nach èngke'er. Sit éneg a schafft mat Fréd zesummen. A mei gressste Wonsch wär, dass vun haut un iech an èren alen Dég keng Suergen me' ploen, an dass èrt Haus erglänzt a Sonneschein a jongem Gléck. A fir dass dat geschitt, dofir wèrden èr Kanner scho suergen. (En hellt sei Prabeli a wellt goen.) Ech hu mech nu lâng genog opgehalen, ech muss goen. — Arwuer bis hèrno!

Gre't: (hält en z'réck) Nén, nén! Bleift nach hei, ech biéden iech drem! (Scho'l'meschter kent z'réck) Jo! Ech wèss, ech droe vill mat un der Scholt -- ower nén -- och ech si bedru gin vun déne Schwindler, de' mir soten, sî wäre vun ènger Bankgesellschaft, an de' net nogelôsst hun bis ech hinnen all onst Gèld iwergin hat...

Pir: (be's) ... Jo !A we's du dem Janny sei Gèld net kritt hues, fir och an de' Schwindelgesellschaft ze gin, du hues du mir d'Ae voll Sand gestréit an d'âremt Kand einfach virun d'Dir geheit. An iwerdém dass et meng Fra war, hues du

Gre't: ... Pir! Oh, verzei mir, 't soll och elo erem bësser gin! Wärs du dann och erem zefritten, Néckel? (Scho'l'meschter gêt hémlech of.)

Néckel: Ech sin alles d'accord!

Juppes: (fir sech) An ech sin très content, sét de Franso's!

Pir: (gêt op d'Gre't zo') Mamm! Lôsse mir d'Vergângenhêt begruewen, Kuckt! Mei gressste Wonsch wär, dass d'Janny an ech emmer bei iech könnte bleiwen, an ech si secher, mat Fréde ge'f d'Jaüny sei Gèld drem, wärt dir nemmen e besche le'f a gutt zo' him.

Gre't: Wär et me'glech? Nodém dass ech him eso' e gro'sst Léd zo'berét hun?

Janny: (ass iwerdém erakom, de Scho'lmêschter kent schmunzelnd hannendrun) Jo Mamm, 't ass wo'er!

Gre't: (gêt op d'Janny duer) Janny! Kanns du mir och verzeien?

Janny: Jo, Mamm! Lôsse mir vergiessse wat geschitt ass, ech gléwen dat ass dat bësch.

Scho'lmêschter: So' ass et rècht, a sche'n ze liéwen, so' soll et sin an eso' soll et bleiwen. Wat mèng dir dozo', Néckel? (De Pir an d'Janny schwätze lues zesummen.)

Néckel: Dat ass och mei Wonsch. Mä, fir dass dir et wesst: Onst Gèld dat leit gutt opgehuewen douewen a mengem Stre'sâk, a wart mat Schmîrzen drop, bis dass onst Gre't mir de Schlessel get, fir et erem op seng al Platz z'réck ze léen.

Gre't: Wat! — Dir de Schle'ssel gin! — Ech hale wuel jo! A kèngem Fall. Da könnte mir ganz secher iwer ê Jôr hîsche gôn.

Néckel? 'T ass we's du dènkst! Da behal du de Schlessel, mä ech behalen d'Gèld! (E wellt fort goen)

Pir: (hält en zréck — zo'm Gre't) Mamm! ech biéden iech! Musse mir ons net schumme virun dén anere Leit bis an den Erdbuedem eran! 'T ass dërs nu grat genog! Komm Janny, mir mâchen ons fort...

Janny: Pir! Am allerle'fste ble'f ech ower hei...

Pir: ... ower net e'schter bis ...

Scho'lmêschter: Jé! jé! jé! Dir meng le'f Leit! Streit iech dach net eso'. Hu meng Wieder, de' ech elo grat nach zo' iech gesot hat, da kèng Wierkong gedun? Dat dêt mir léd! Ech hätt eso' gir gesin wann dir erem all zesumme, fro' an zefridden, èr déglech Arbechte ge'ft verrichtten. Probe'ert emol èng Ke'er, Madamim, a récht èrem Néckel d'Hand, an dir wèrd gesin dass dir vun elo un me' fro' Storine verliéft ass we' dir der bis elo an èrem Liéwe gehat hutt. Dat huet ère Néckel mir och versprach, gèl dir, Néckel?

Néckel: (zitt d'Schelleren — fir sech) Wann dé Gèck do ower net weilt, da kann ech him net hellefen.

Gre't: Ech gléwen dat ower nach net ganz giren. Nujé! — wann et net aneschter ass, wann der all zesummen halt an all ge'nt mech sit (nach e beschen rosen, get him de Schlessel) Dann do, du Schèlem, du hâs jo dach kèng Ro' bis du mir en ofgeknept hâs. — Mä! We' verstin ech dann dat? Huet dann t'enescht dén De'f kê Gèld mat fort gehol? oder ..

Néckel: (lâcht) Nê! Dé wollt neischt hun, dofir wor dé vill ze braw an e'erlech. An dém hu mir et och ze verdanken dass mir onst Gèld erem hu kritt. An dat war onse brawe Juppes hei --- en huet zwar kê Jandârmegesicht — mä schlau ass en, a senger Trei zo'm Haus hu mir et och ze verdanken, dass alles sei gutt Enn font huet.

Gre't: Ah! du wars dat, dén eso' greislech am Gesicht gemolt war? (am lâchen) Mä wart, dat berapps du mir ower nach émol.

Juppes: (lâcht) 'T wor mir ower net eso' gemèngt gewiescht! an ech duecht och net dass dir iech eso' géngt erschrècken.

Néckel: D'Sâch war ganz gutt eso', Juppes! An dofir get och ènger extraer Bouteillchen den Hals gebrach.

Schlossgesang:

Scho'lmêschter:

Jo, d'Pro'f am Liéwen ass oft hârt!
A schnell vergâng sin d'Jôren,
Vu Liéwensgléck, vu Suerg a Plo,
De' mir op Erde worn.
Dofir hâlt fèst an Enekêt
Zesummen hei am Liéwen,
Ech ruffen dat iech all hei zo',
An d'Gléck gêt net derniéwent.

Zesummen:

Schle'sst an d'Hirzer ân de' Le'er,

De' dir haut dherch ons erfuer.

Mat ons sangt de' Sprôch vum Liéwen,

De bekannt iech alleguer:

Fresch a fromm a fre'lech a frei —

— We' mir hei zesumme sin —

Emmer beienênen ze liéwen,

Wèll Sche'n'res dach — neischt ka gin!

Enn.

